

UniLu, Politik an eis Sprooch

Ob mir eng **Uni néideg** haten, doriwwer kann een nach ëmmer seng Meenung hunn; et dierf een déi och änneren, nom Spréchwuert, dat nëmmen den Topert net ëmstand ass, seng Opfaassung ze iwwerdenken... *'moutarde après dîner'...* oder *'Moschter nom Dessert'?*

Mir sinn op jidfer Fall frou, dat eis Sprooch en akademesch **Zëmmerchen an eisem ieweschten Enseignement** kritt huet. Dat gëtt hir eng Positioun, déi wäit iwwer dee Motzeck-Aarmutt eraus geet, an deem d'Lëtzebuergesch, bal als Schmuddelkënni, gepauert huet. Dat ënnersträicht an éiert ower och déi enorm Aarbecht, déi zënter enger Rei vu Joeren am 'Centre national de littérature (CNL) / Literaturarchiv' zu Miersch geleescht guff.



(PHOTO: TEDDY JAANS)

Gedanke maache mir äis just iwwer déi Fassong, wéi d'Lëtzebuergesch als Universitätsfach ugepaakt gëtt. Den Usaz ass bestëmmt éierlech gemengt, ower hie bleift leider zevill am Theoretischen hänken. Och wann et net falsch ass, dat d'akademesch Actioun net onbedéngt do ass, fir eis Sprooch an der Praxis ze positionéieren... mä hei gëllt, dat 'zevill an net genuch keng Moosse sinn'. No 40 Joer Praxis 'um Terrain'—ouni déi bestëmmt kee vum Lëtzebuergesch an op iergend enger Uni giff schwätzen—däerfe mir jo vläicht och eng Meenung hunn, an déi mat allem Respekt an engem Schotz vun 'usurpéierter' Frëndschaft soen/ schreiwen: Léif Frënn, **képpt är akademesch Hunnekräitchen** eng Grimm. Setzt keng Saachen an d'Welt, déi hanne falsch a vir net richtig sinn. Wou sinn är Acolyten, déi wëssen, nowise kënnen oder publizéiere wëllen, watfir eng Evolusioun d'Lëtzebuergesch zënter dem Leschte Krich gemaach huet? Do läit all dréchene linguistesche Brimsbumms wäit hannen am 'Plotton'. Dir gitt un d'Lëtzebuergesch wéi un héich Kultursproochen. Falsch! Hei stëmmen déi meescht 'Ophänkerten' (Prämissen) nach net emol. Mir wëssen (a weisen et och nach!), wéi et an de 'Bierg-Etappé' war. Do ass et weder ëm 'Ge-Bachelors' nach ëm 'Ge-Masters' gaang. Do guff ganz onkompliziert op jidfer Manéier 'um Terrain' geschafft, fir all Zorte vu Fëllementer ze gruewen an opzefällen. Dir stitt dann elo matzen drop a baut schéin Haiser... mat flotte Fassaden!

Eis Politik an d'Sprooch: D'Lëtzebuergesch war eng eenzeg Kéier e 'Politikum' - am Wuerzelsënn (Etymologie) vum Wuert—an zwar den 10. Oktober 1941, **wéi d'Vollek, an engem éischte kollektive Resistenzakt, de Kapp fir eis Heemechtssprooch dohinner gehal huet.** Gewëss: dat ass 'Geschicht', et si 67 Joer hier. All déi vun 'duerno' sollen sech ower emol zerguttst schlau driwwer maachen, wat dat bedeit huet. Da giff déi iwwerflësseg politesch a vrun allem klenggepiertelt, parteipolitesch Säit vun deer Saach verblatzen!

Eis Sprooch dierf net fir Politikaster-Reiwereien, scho guer net fir Populismus a Profilneurose vu 'Klengen' duerhalen. Entweder ass ee fir d'Ernimme vun eiser Sprooch an der Constitioun oder net. Ponkt! Eis Propos ass a bleift: «*La langue luxembourgeoise est la langue du Grand-Duché de Luxembourg; en matière administrative et judiciaire, l'emploi des langues luxembourgeoise, française, allemande ou autres est réglé par la loi.*» Wat ass dorun ze knouteren? Et haten 'der'gemengt, dat giff problematesch beim Nationalitéitsgesetz... déiselwecht stëmmen dann deer strenger Sproochconditiounen, déi esouguer äis (Fanatiker?) verwonneren!

Dat Ganzt soll kee 'Partei-Politikum' sinn. Et ass a bleift eng Saach vun Iwwerzeegung, vun enger offener Meenung, mat deer een sech net a Commissiounssëtzunge verfuussen däerf! Déi jo sou eschtlech 'geheimmm' sinn. **Maja. Mir 'stëmmen eis Gei'... fir den Hierscht.**

...et geet duer!

Op eis puer Zeilen iwwer deen typeschen, net riichtwech iwwersetzbaaren Ausdrock 'duer' (KLACK 141), huet den Här Nico Everling vum Cents mat e puer Beispiller geäntwert:

- *Wéi ech dat Getootz nogelauschtert hat, ass et mir (ës) duergaang.*
- *D'Meedche sot: Dee fiert nawell séier duer!*
- *Deen do schléit fatzeg duer.*
- *Den Nuckles hat es genuch; du gong et him (ës) duer.*
- *Maach net zevill duer mat deenen Drëppen!*
- *Hie leeft bal hier bal duer.*
- *Mat deer do(-te) Wuer geet et net duer.*
- *Braddel net laang a fuer duer!*
- *Mat deene puer Su kommen ech net duer.*
- *Déi Schrauwen halen net laang duer.*
- *...an elo geet et duer!*

SUDOKU ok; mä dat do bréngt eppes... dat **duer**hält. Bravo, Här Everling! ■ M.V.

Vakanz

Schreift een dat dann elo **mat V oder mat W?** Et kënnt aus dem Latäin (vu 'vacatio') a gëtt am Franséischen, Engleschen an aner Sproochen mat V geschriwwen. Esouguer am Däitsche fanne mir den Ausdrock 'eine vakante Stelle'... net mat W!

Eis KLACK huet dann elo och hir Vakanz zegutt, an zwar bis den 1. Samschdeg am Oktober. Mir soen eise villen treie Lieser merci fir hiren Intressen. Et wier jo vläicht net vu Muttwëll, **wann dir fir déi fräi Deeg a Wochen an engem Bicherbuttek gengt laanschtgoen** an no dësem oder deem Buch an eiser Sprooch kucken; souvill 'Lieses wéi haut ass et an eiser Sprooch nach net ginn... an et gëtt jo net ëmmer gespillt, gerolzt oder an d'Luucht gekuckt. Wou mir iech sou mann wéi méiglech Wolleke wënschen. ■ AL

Ceterum censeo... (23)

En Här Professor-Deputéierten, dee vru 4 Joer net onbegeeschert iwwer d'Iddi vun eiser Sprooch an der Constitioun war, huet elo déi hei komme gelooss: «*Dem Lëtzebuergesche geet et dach haut esou gutt, dat mir et net och nach an d'Verfassung solle setzen.*» Mir brauche kee Léiw um Fändel; deen do brëllt gutt genuch... et kann een ower vun allerhand brëllen! Här 'docteur en philosophie et lettres', Dir misst dach och eng Grëtz vu Logik an Ären Exame gehat hunn... dat do gëtt op jidfer Fall en décke (roude) Strapp an de Minus!

No Ärer koppeger Meenung soll dann, als logesch Konsequenz (Corollaire!), och alles aus der Constitioun erausgedixt ginn, woumat et jo ewell laang net schlecht geet: de Grand-Duc, d'Chamber, d'Regierung, d'administrativ Organisatioun vum Staat, d'Brëifgeheimnis, d'Pressefräiheet an déi vun Organisatiounen, asv.asw.

D'Fransouse dierften deemno och hir Sprooch am Grondgesetz vun der Republik strächen... wou si als Artikel 2. steet! Wéi sot meng Mammi: Aarmutt, looss mer Rou! ■ L.R.

Friem Wieder schreiwen...

Wann egal a watfir enger Sprooch zënter laange Joeren Ausdréck gebraucht ginn, déi ganz klar 'auslännesch' sinn, da gëtt et nawell gär e **Problem beim Schreiwen.** Dat ass am Lëtzebuergeschen, wéinst eiser extrem apaarter Sproochsituatioun, natierlech de Fall.

Wa mir ower eis Kanner an d'Leit allgemeng net wëllen 'tireliri' maachen, da gëtt et nëmmen eng logesch Léisung: **Mir müssen däitsch, franséisch, englesch an aner 'Immigranten' esou schreiwe wéi an hirer Originalsprooch,** esouguer, wa mir si eng Grimm anescht ausschwätzen oder betounen: Trottoir – Boulevard – Pâté – Gare – Avenue – Chance – Courage / Wahlen – (höchst-) wahrscheinlech – Föhn / Computer – Chips – Show – pushen – mailen – scannen / Spaghetti... 'Pastaschutta' net, well déi geet een a ganz Italien ëmsoss sichen. Net gewosst? Dat genësegt Genamms ass en typesch lëtzebuergeschen Ausdrock! ■ H.M.

Wéi fannt dir dat?

◦ Mir hunn zënter 24 Joer (Februar 1984) e Gesetz, an deem steet, dat **d'Lëtzebuergesch eis NATIONALSPROOCH** wier; datselwecht Gesetz regléiert de Gebrauch vun 'eise' Sproochen um offizielle Gebitt.

◦ En neit Gesetz vun elo verlaangt, dat **fir eis NATIONALITÉIT ze kréien, d'Lëtzebuergesch (also d'NATIONALSPROOCH)** eng absolutt Conditioun ass.

◦ En drëtt Gesetz ass elo um Leescht (Instanzewee), wou d'Lëtzebuergesch eng genee Roll kritt: fir **d'Lëtzebuergesch-Professeren (!!!)** am 'Centre de langues' hu mir et do mat exakten a strenge Regulatiounen fir eng Ernennung ze dinn. Et ass esouguer e '**congé linguistique**' vun 200 Stonne Lëtzebuergesch virgesinn... dat sinn 133 'Owender' vun 1.5 Stonne Cours! Gutt. Wien hätt dat gedreemt, wéi mir (d'A.L.) 1976 mat deer Saach ugefaang hunn... an äis vill domm Frechheeten hu misse bidde loosse!

Dir huet elo 2 Méint Zäit, ze iwwerleeën, wat een da vu Politiker hält, déi dës 3 Gesetzer gestëmmt hunn oder stëmmen... ower d'Lëtzebuergesch an eisem Grondgesetz nach net emol wëllen ernimmen. Mir ginn am Hierscht méi däitlech, bleiwen héiflech... mä däitlech! ■ P.W.

Abeejo!

Och wann ee bei Ëmfroen net alles fir bor Mënz soll huelen (z.B. ob déi nächst Regéierung giel oder gro soll ausgesinn)... an deer leschter **'Allensbach / ILRES-Ëmfro fir den LW-Politmonitor** ass dann ower een Element, dat engem Lëtzebuergesch ze denke muss ginn: am WORT vum leschte Méindeg (30.06 / «*Plebiscit für das Luxemburgische*») steet schwaarz op wäiss: **93,8 % vun de Leit sinn der Meenung, et misst ee Lëtzebuergesch kënnen, fir eise Pass ze kréien;** an zwar ass do d'Meenung vun deene Jonke praktesch déiselwecht wéi deenen Eeleren hir.

'Du léiwer Mäini!'... Dat ass net wäit vum Prozentsaz, mat deem d'Lëtzebuergesch (ënner Doudesgefor!) **den Nazien 1941 den Dix geriicht** hunn. Dir kënnt iech denken, dat mir hei nach dorop ze schwätze kommen. An eiser Nummer 143, just virun der 'Journée nationale de la commémoration', de 4. Oktober. Dat si jo gutt Aussichte fir **eis Actioun iwwer d'Lëtzebuergesch an der Constitioun/ Verfassung,** déi mir fir den Hierscht plangen.

Wir haben geplündert...



... mä do kommt dir an Däitschland an den Duckes! Si hunn déi aner Säit och keng 'Plünder', fir déi de Frënd Nico Fisch, e gudde 'Plënnermann', ower schéi propper 'eng Plënnerr' seet... elo mengt dir, ech soll dach nëmme mat mengem Getootz 'plënnere'!

Am Eescht: **D'ACTIOUN-LËTZEBUERGESCH ass geplënnert,**

an de Gronn, an dat Haus tëscht dem Bree-deweew an der Pläis-Gaass, fréier UGDA; dir fannt et bal op jidfer Bild, dat d'Alstad ënne vum Gronn erop weist... wéi op der Photo an dëser KLACK. Eis nei Adress:

2, Sosthène-Weis-Strooss / L- 2722

Lëtzebuerg. 'Op fir d'Leit': méindes vun 9.00bis 11.00 / donneschdes vu 15.00 bis 17.00 Auer. Eis 'Nummeren' a mail-Adresse bleiwen! Dem Här Lux aus dem Kultur-Ministère an de Beamte vun der 'Commission des loyers' en décke Merci fir hir Hëllef.